adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Jonker, déi eng Sportslizenz huelen, mussen um INS e „contrôle médico-sportif" maachen. Fir déi meescht Sportaarten ass den Test esouguer periodesch ze widderhuelen. Et schéingt awer, wéi wann de Lëtzebuerger Test am Fall, wou e Futtballer eng UEFA-Lizenz maache wëll, net unerkannt géing ginn. Duerfir wëll ech dem Här Sportsminister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister konfirméieren, datt d'UEFA d'Lëtzebuerger medico-sportlech Kontroll net unerkennt? Gëtt et och an anere Sportaarte Problemer, datt dee Lëtzebuerger „Contrôle médico-sportif" international net unerkannt gëtt?
2. Wat sinn d'Grënn, firwat den Test net unerkannt gëtt. Wat fir Critère gi vum Lëtzebuerger Test net erfëllt.
3. Ass geplangt, déi Lëtzebuerger Prozedur esou unzepassen, datt si och international hire Wäert behält?
4. Wär dat net am Intressi vun de Sportler a vun der Qualitéit am Sport allgemeng?
5. Huet den Här Minister en Iwwerbléck iwwert déi Käschten, déi ufalen, well de Lëtzebuerger Test international net unerkannt ass?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique